# #BitzDoheem - Merci !

De Scouting in Luxembourg, kuerz SiL, seet all de Benevoller ee grousse **MERCI**!

- 35.000 Maske goufen am ganzen gebitzt, gezielt a weidervermëttelt.
- 450 Benevoller hu sech bedeelegt fir dës nohalteg an réutilisabel Masken ze produzéieren – M-E-R-C-I VILLMOOLS!
- 3000 Stoffmasken speziell fir Kanner goufen zousätzlech hiergestallt an agesammelt.
- 50 Associatioune ware begeeschtert dës Maske zur Verfügung gestallt ze kréien. Dëst waren ënnert anerem Croix-Rouge, Caritas, Stëmm vun der Strooss, Inter-Actions, Wunnéngshëllef, fir der just e puer ze ernimmen.

E weidere MERCI geet un Post et Télécommunications. Ouni hier super Ënnerstëtzung wier dëse Projet guer net zustane komm.

MERCI och un ons Benevoller vun der FNEL an den LGS, déi d'Hotline geréieren, Mailen traitéieren, Masken zielen a verschécken, koordinéieren an organiséieren am Hannergrond vun dësem Projet.

Un all Acteur geet e ganz groussen a vu Solidaritéitsgefill gepräägte B-R-A-V-O!

Vu dat elo lues awer sécher d'Mesure vum Confinement opgehuewe ginn an dat soziaalt Liewe säi Laf hëlt, bedeit dëst fir #BitzDoheem datt:

- Freideg, de 15. Mee 2020 déi lescht Yellow-Boxen vum Bréifdréier ofgeholl ginn.
- Vum 11.5-15.5.2020 ons Hotline (Tél: 27 40 40 14) vun 16h-18h ze erreechen as.


a.s.b.l., anciennement « Luxembourg Boy Scout Association »
membre-fondateur de l'Organisation Mondiale du Mouvement Scout
Boîte postale 330 L-2013 Luxembourg www.scout.lu
Compte : BGLLLULL LU37 0030 8893 4785 0000

No dësem Datum geet de Projet **#BitzDoheem** lues awer sécher op een Enn, mee Är Maske gi weiderhi gebraucht!

Mir wëllen Iech motivéieren fir Ären eegene Projet ze lancéieren a weiderhi Maske fir Är Famill, Frënn, Noperen oder Gemeng ze bitzen. **#BitzfirdengNoperschaft** kéint Är perséinlech Weiderféierung vun dësem Projet ginn. Maacht weiderhin Är Bonne-Action (BA) lokal do wou Dir wunnt, se ass op kee Fall ëmsoss.

Léif Alleguer, Merci fir all Är Masken an Är léif Messagen. Mir wënschen Iech eng gutt Gesondheet.

Mat beschte Scoutsgréiss,

**Déi ganz Ekipp vum #BitzDoheem Projet**


a.s.b.l., anciennement « Luxembourg Boy Scout Association »
membre-fondateur de l'Organisation Mondiale du Mouvement Scout
Boîte postale 330 L-2013 Luxembourg www.scout.lu
Compte : BGLLLULL LU37 0030 8893 4785 0000